



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 22 AVR. 2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Francine May
247- 84687
qp@msi.etat.lu

Objet : Question parlementaire n° 3866 du 16 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet a François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten zu der parlamentarescher Fro n° 3866 vum éierbaren Deputéierten Här André Bauler iwwert "Vitesskontrollen op der N7"

Ad 1):

D'Police verfiert hei no hierem Konzept iwwert d'Verkéiserssécherheet, deem ënnert anerem och d'Organisatioun vu Verkéiserskontrollen, sief et präventiver wéi och repressiver Natur, reegelt. Heibäi gi verschidde Variabele wéi d'Accidentologie, d'Infrastrukturen zum Code de la Route asw. zesumme mat Informatiounen analyséiert, déi d'Police aus Plaiten aus der Bevëlkerung, Demandé vu staatlechen oder lokale Verwaltungen wéi de Ponts et Chaussées oder Gemengen asw. kritt.

Ënnert anerem fléissen doranner och d'Konklusiounen an d'Suite vum „Audit de sécurité“ an, deem an der Zäit fir d'N7 opgestallt gouf. An deem Kontext fannen dann och selbstverständlech op deene Plazen an zu deenen Zäiten, déi an dëser Question Parlementaire erwähnt ginn, säitens der Police Verkéiserskontrolle statt.

Dëst Konzept erlaabt der Police et also, iwwert hier Routineskontrollen eraus ganz gezielt an zäitno Tendenzen ze erkennen an hier Kontrollen der aktueller Verkéiserssituatioun unzepassen.

Ad 2):

Wat déi verfügbar Statistiken ugeet, esou gouf et am Zäitraum 2016-2019 op dëser Stréck 1 Doudegen, 19 schwéier Blesséierter an 28 méi liicht Blesséierter. D'Zuele vun 2020 sinn nach net disponibel. Et fält dobäi op, datt déi meeschten Accidenter tëschent 2 Gefierer waren.

Tableau: Accidents corporels sur le tronçon Diekirch-frontière belge de la N7 (2016-2019)

A l'intérieur de l'agglomération

Année	Gravité de l'accident corporel			Type d'accident					Cause présumée vitesse	Cause présumée alcool
	Mortel	Grave	Léger	Entre véhicules en marche	contre obstacle fixe	contre piéton	contre arbre	autre non défini		
2016	0	1	0	1	0	0	0	0	0	0
2017	0	2	2	2	1	1	0	0	1	1
2018	0	1	0	1	0	0	0	0	0	0
2019	0	0	1	0	0	0	0	1	1	1

Source: STATEC, Police Grand-Ducale

A l'extérieur de l'agglomération

Année	Gravité de l'accident corporel			Type d'accident					Cause présumée vitesse	Cause présumée alcool
	Mortel	Grave	Léger	Entre véhicules en marche	contre obstacle fixe	contre piéton	contre arbre	autres		
2016	0	3	8	9	1	0	1	0	1	3
2017	0	0	5	3	0	0	0	2	1	0
2018	0	3	4	6	0	0	0	1	3	0
2019	1	9	8	14	3	0	1	0	5	0

Source: STATEC, Police Grand-Ducale

Ad 3):

Betreffend méi geziilten Aktiounen präventiver wéi och repressiver Natur verweise mir op d'Äntwert ënnert Ad 1). Eng zousätzlech Beschëlderung verdicht nëmmen de Schëldebësche op der Streck, dréit awer wéineg zu der Verkéierssicherheit bäi. Zousätzlech gi generell Problemer an der Verkéierssicherheit iwwert d'Préventiouns-Campagnen thematiséiert, woubäi do déi grouss Informatiouns-Panneau'en laanscht d'Staatsstroosse genotzt ginn.